

Guy Weirich

rappel

Wat bleift nach
opzeschreiw
an opzeschaffen?
Wat muss nach gesicht,
an ausgegruewe ginn?

An de Festbroschüren steet,
wéi dir dem Preiss de Bass haalt
a wéi de routwäissbloe Fändel
um Bierg flattert.
Är Resistenz an Är Heldentaten
goufe grëndlech beschriwwen.
Dir hutt et gelies
an houfreg fir gutt befonnt.

Duergestallt ass,
wéi de René a Russland un der Front
ëm säi Liewe baangt an ziddert,
wéi den Theo säi Gewier an de Pätz geheit
an ënnerdaucht,
wéi de Roger am verbuergene Bunker läit,
wéi vill Angscht d'Maria aussteet,
wéi si den Nill verstoppen,
a wéi d'Gestapo de Brudder am Bett
vu senger Schwëster bei hire Féiss net fënnt.
Opgeschriwwen gouf,
wéi den Néckel widder der Mauer steet,
déi däitsch Zaldote mam Gewier am Uschlag
a d'Rettung a leschter Minutt kënnt.
Dir sot: Esou war et!
Et muss verzielt ginn.

Fir iech gouf d'Fieder an de Grapp geholl
an no Wieder a passende Sätz gerongen.
Fir dës Generatioun
an déi duerno.

Schreiw awer hätt een och missen
iwwer déi sëlleg Ëmzich
a bronger Uniform

mam Gegröols vun Nazilidder,
iwwer d'Kujenéiere vun de Jonken
an der HJ an am BDM,
iwwer d'Gielemännercher,
d'Kollaboratioun an
de Verrot.

Schreiwen hätt ee misse
vun der jonker Fra,
der Lëtzebuergerin,
der Kindergärtnerin,
an hirem Gebiet:
Händchen falten, Köpfchen senken,
immer an den Führer denken.
Hat si och nach derbäi gefléckt:
der dir gibt das täglich Brot
und dir hilft aus aller Not?

Nach war keng Zeil dovun um Blat,
do ass schonn een duerch d'Duerf gerannt
an huet gejaut:
Ech huelen se op d'Gericht.
Ech hunn et schrëftlech,
ech war onschëlleg am Prisong,
ech war nach mannerjäreg.

D'Nimm vun deenen,
déi am Prisong souzen,
de Jux beim Feieren nom Krich,
wann d'Preisen am Duerf keng Freed haten,
dat alles hutt dir erwäänt,
awer nëmme seelen.
Well do war déi Geschicht
mam batteren Nogeschmaach:
d'Geschicht vum Schmadd,
deen op déi Falsch gesat hat,
a spéider um Seel duerch d'Duerf gedriwwen gëtt,
am Waasser vum Wäschbuer kräfteg zappelt
an nuets un ënnere Verletzungen verscheet.
Déi Geschicht war opgeschriwwen.
Dir awer wollt se net méi héieren.
Jorelaang louch si am Tirang.
Elo steet si an der „grousser Hatz“.
Echoen hale sech a Grenzen.
D'Prozessakte sinn ausgegruewen,
mä nach net verschafft.

Cui bono?,
frot dir haut.

Vun den Amerikaner hutt dir verzielt
mat Freed iwwer hiert Kommen,
mat Batterkeet iwwer hiert onziviliséiert
Behuelen an den Haiser.
Dat wier net ze beschreiwen.
De Glorieschäi vun de Befreier
sollt net begladdert ginn.
Hätt ee solle weider bueren?

Gewünscht awer hätt dir iech
Berichter iwwer
d'Nout vun der Evakuatioun
an d'Solidaritéit vun deemools.
D'Opzeechnungen op Tounband
sinn erhalen.
Mä d'Recherché sinn ni fäerdeg ginn,
dem Chronist leeft d'Zäit dervun.

Am Duerf war kee Judd.
Dee geréit eis Bouwen
eréischt jorelaang nom Krich
an de Bléck.
Et war de Véihändler.
Deen hat
een Numm an ee Virnumm,
e groussen Amerikaner
an ëmmer eng déck Zigar,
där hiren Doft sech an d'Gediechtnes agebrannt huet.
Wéi hien de Krich iwwerlieft hat,
war keen Thema.
Säin Numm steet am Livre d'Or,
am Tableau d'Honneur vum Maquis.
Wie googelt, fënnt siwen Zeile méi.

Sinn d'Erënnerungen zensuréiert?
Wat gouf verdrängt?
Wat vertuscht?
Wat ënnergeschäert?
Wat bleift auszebuddelen?

An dat, wat geschriwwe steet:
Gëtt dat de Fakten

an deem Erliedte gerecht?
Gerecht den Ängschten a Suergen,
dem Baangen an Hoffen,
dem Drock an der Fauscht
an der Täscht,
der Verféierung an dem Matlafen,
dem Mechanismus vum Terror,
dem Leed an den Affer.

Wat bedeit Opzeechnen?
Ginn doduerch
Wonne gepléischtert?
Wonnen nei opgerappt?
Musse mir erënnere,
wat mer net erënnere wëllen?

Erënnere:
en Trauma-Transport?
E geeschtegt a gefillsméissegt Schärfe
vun der eegener ënnerer Astellung?
Erënnere deemno
mat Aktualitéitsindex?

Gi mir wierklech de Wee
zu enger Kultur
vun der Erënnere?
Vum Gedenken?

Gewëss:
D'Riede virum Monument
um Nationale Gedenkdag
erënnere
Joer fir Joer
un déi batter Joren,
un d'enrôlés de force,
Jongen a Meedercher,
un déi Gefalen a Vermëssten,
un de Widderstand,
u Villa Pauly, KZ an Ëmsiedlung
un all Affer vun deemools.

Gewëss:
Priedegte skizzéieren
d'Drama vun där Zäit:
Barbarei a Brutalitéit,

Liewen a Baracken,
Dreck, Gestank,
Lais a Fléi,
Zwangsarbecht,
Honger,
Mord.

D'Ideologie
vu Rass, Vollek, Staat a Führer -
e Gëtzendéngscht!
D'Leed vun den Affer -
eng milliounefach Kräizegung!
D'Geschicht vun der Mënschheet -
eng Passiounsgeschicht!
Maacht dëst als mäin Udenken!

An dach:
Wéi vill maachen do mat?
Wéi vill lauschteren nach no?
Wéi vill liesen, wat geschriwwen steet?

Duerfir
a
wéinst allem:
Setz de Fändel op Hallefmast!
Op Hallefmast
fir haut an ëmmer.